



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Dezember 2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Gesondheet, Sozialversecherung an Integratioun weiderzeleeden.

Chronesch-kritesch krank Patiente brauche 24h op 24h a 7 Deeg op 7 en Encadrement, dat hire spezifesch Besoine gerecht gëtt. Patiente mat chronesch-obstruktive Longenerkrankungen, amyotropher Lateralsklerose (ALS) oder anere schwéieren neurologeschen Erkrankungen brauchen, genee ewéi och Patienten, déi vum Locked-In-Syndrom betraff oder an engem Wachkoma sinn, eng spezifesch Prise en Charge, déi just duerch eng 1-zu-1-Betreiung kann assuréiert ginn, an déi am aktuelle Gesondheetssystem leider net garantéiert ass.

Fleegeheemer si personell oft net esou opgestallt, dass eng 1-zu-1-Betreiung Dag an Nuecht méiglech ass, a verfügen a ville Fäll net iwwert e spezifesch genucht Wëssen iwwert d'Fleeg vu Patiente mat seelene Krankheeten. Gläichzäiteg kënnen d'Familie vun de Patienten, déi sech gemeinsam mat privat engagéiertem Fleegepersonal der Aufgab vun der Fleeg gäre géifen unhuelen, dëst oft net finanzéieren, well d'Fleegeversécherung maximal 55 Stonnen pro Woch en charge hält (38 Stonnen am Beräich vun den Aktivitéite vum aldeegleche Liewen, 3 Stonne fir Hausaarbecht a 14 Stonne fir ënnerstëtzend Aktivitéiten) an awer 168 Stonne gebraucht ginn. Dobäi kennt dann nach de Problem, dass d'Spideeler an d'medezinesch Cabineten net un d'Besoine vu chronesch-kritesch kranke Mënschen ugepasst sinn. E Besuch an der Mammographie oder och just eng Visitt beim Aen- oder Zänn Dokter gëtt esou fir Mënschen, déi bewegungsounfäeg sinn a beotemt mussen ginn, oft zu enger Onméiglechkeet.

Krank Mënschen hunn e Recht op medezinesch Versuergung an hunn genee esou wéi gesond Leit e Recht drop fräi wielen ze kënnen, wou a wéi si hiert Liewen an Dignitéit verbréngen wëllen.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Denkt de Minister fir Sozialversécherung, dass d'Fleegeminuten, déi chronesch-kritesch kranke Persounen aktuell zoustinn, eropgesat misste ginn? Falls jo, wéi héich a bis wéini ? Falls nee, wisou net?
- Huet de Gesondheitsminister vir, an Zukunft d'Barrièrefräiheet an de Spideeler a Cabineten ze férdere, fir dass och Patienten, déi op eng intensiv Fleeg ugewise sinn, ëmfaassend medezinesch versuergt kënnen ginn?
- Wéi wëll d'Familien- an Integratiounsministesch an Zukunft mat neie Mesurë Mënschen ënnerstëtzen, déi sech dofir entscheede Persoune bei sech doheem ze fleegen? Ëm wéi eng Mesuren handelt et sech heibäi?
- An engem oppene Bréif vum 3. Oktober 2019 huet d'ASBL "Wäertvollt Liewen" de Premierminister iwwert déi aktuell Problemer am Zesammenhang mat der Fleeg vu chronesch-kritesch kranke Persounen opmierksam gemaach. Huet de Premier dës Bréif perséinlech gelies? Falls jo, wéi eng Konsequenzen zitt de Minister aus den Duerstellungen aus dësem Bréif?
- Wéi vill Persoune sinn zu Lëtzebuerg chronesch-kritesch krank?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député



www.piraten.lu